



N°4562
Reçue le 25.06.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.06.2021

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 25. Juni 2021

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educationminister weiderzeleeden.

Eisen Informatiounen no soll d'Fach „Éducation à la citoyenneté“ (EDCIT) vun der nächster Rentrée u vun zwou Stonnen op eng Stonn d'Woch reduzéiert gëtt, an dat duerch d'Aféierung vum Fach „Lëtzebuergesch“ op de Quatrième-G-Klassen.

Virum Hannergrond vum Défi, d'Schüler zu responsabelen a kritesche Bierger ze erzéien, wéilt ech folgend Froen un den Här Educationminister stellen :

- Kann den Här Minister confirméieren, dass d'Fach „Éducation à la citoyenneté“ (EDCIT) vun der Rentrée u vun zwou Stonnen op eng Stonn d'Woch reduzéiert gëtt, zu Gonschte vun der Aféierung vum Fach „Lëtzebuergesch“ op de Quatrième-G-Klassen ?
- Wa jo, op Basis vu wéi engen Iwwerleeungen an Argumenter ass dës Decisioun geholl ginn ?
- Sinn nach Adaptatiounen op anere Klasse virgesinn? Wa jo, op wéi engen?
- Ass dës Decisioun an Zesummenaarbecht mat der Programmkommissioun geholl ginn ?
- A wéi engem Mooss sinn d'Schoulprogrammer adaptéiert ginn ?
- Wéi steet den Här Minister zu senger eegener Ausso, dass den „Zentrum fir politesch Bildung“ déi schoulesch Acteuren an hirer Missioun soll ënnerstëtzen ?
- Ass d'Méiglechkeet vun engem interdisziplinären Unterrecht am Virfeld vun dëser Decisioun gepréift ginn?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Co-Fraktionspresidentin

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4562 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen

Ad 1)

D'Fach *Lëtzebuergesch* gëtt vun der Rentrée 2021/22 un op alle 4es-Klassen agefouert, am Enseignement secondaire classique an am Enseignement secondaire général. Dëst ass eng vun de Mesuren, déi d'Lëtzebuurger Regierung ëmsetzt, fir d'Lëtzebuurger Kultur a Sprooch an de Schoulen ze promovéieren.

Ad 2)

Wann en neit Fach agefouert gëtt, ass et ëmmer eng schwéier Decisioun, wéi een anert Fach muss Zäit hierginn. Dobäi gi verschidden Zenarien duerchgespillt an d'Vir- an d'Nodeeler géinteneen ofgewien. D'Argument, dat schliisslech den Ausschlag ginn huet, fir am ESG eng Stonn *Éducation à la citoyenneté (EDCIT)* ze huelen, war, datt de Programm vun deem neie Fach *Lëtzebuergesch* sech zum Deel mat den Ziler vum Fach *EDCIT* deckt, respektiv datt déi zwee Fächer complémentaire zuenee sinn. Dat neit Fach ass net e rene Sproochecours, mee vill méi geet et dorëms, datt d'Schülerinnen an d'Schüler Theeme wéi d'Lëtzebuurger Kultur an Identitéit, d'Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg, awer och d'Migratioun an déi kulturell Diversitéit reflektéieren. Doduerch leescht d'Fach e Bäitrag, fir hinnen hir Allgemengbildung, hiert kritescht Denken an hir Perséinlechkeetsentwécklung ze stäerken. Dës Sujeten decken sech zum Deel mat de Kapiteln, déi um Programm vun der *EDCIT* stinn (z. B.: Kapitel 2: "In Gruppen leben", Kapitel 10: "Identität und Geschichte"). Et geet net ëm eng reng Oplëschung vun Inhalter, mee dorëms, datt dee Jonken hei Kompetenzen entwéckelt, déi fir d'Zesummeliewen an der Gesellschaft relevant sinn a bleiwen. Wann een sech de Parcours an den ieweschte Klassen vum Enseignement secondaire général ukuckt, sou gesäit een, datt hei no an no Kompetenzen opgebaut ginn, déi an eiser Gesellschaft wichteg sinn: op 4e gëtt et d'Fach *Lëtzebuergesch*, dat de Schüler hëlleft, hir direkt Ëmwelt kennen ze léieren, dat Land, an deem si liewen, an déi Sprooch, déi do geschwat gëtt. Sou ass dat och e Bäitrag zur Bildung vun enger Identitéit als Bierger zu Lëtzebuerg. D'Fach *EDCIT* baut dorop op a vermëttelt méi en déift Wëssen iwwert d'Institutiounen, déi eis prägen, am Staat Lëtzebuerg an an Europa. Schliisslech gëtt dann de Bléck op den Ofschlossklasse méi breet opgemaach, wann d'Fach *EDCIT* duerch d'Fach *Connaissance du monde contemporain* ersat gëtt.

Aus all deenen Iwwerleeungen eraus gouf deen dote Choix geholl, a *Lëtzebuergesch* an *EDCIT* ginn als gemeinsam Discipline *Citoyenneté, culture et langue luxembourgeoises* op der Zensur gefouert, wou drënner déi zwou Matière *Éducation à la citoyenneté a Luxembourgeois* parallel mat jeeweils enger Stonn pro Woch an der Grille horaire lafen.

Ad 3)

Am Enseignement secondaire classique op 4e fale jeeweils eng hallef Leçon Däitsch a Franséisch pro Woch ewech, déi duerch d'Fach *Lëtzebuergesch* ersat ginn.

Ad 4)

D'Programmkommissioun vum Fach *Lëtzebuergesch*, vum *Franséischen* (ESC), vum *Däitschen* (ESC) a vun der *Éducation à la citoyenneté* (ESG) waren zu ënnerschiddlechen Zäitpunkten an déi dote Gespréicher agebonnen.

Ad 5)

D'Programmkommissioun am *Däitsche* probéiert, dee selwechte Programm och mat 25 Minutten d'Woch manner duerchzehuelen. D'Programmkommissioun am *Franséischen* huet d'Geleeënheet ergraff, fir ze kucken, wéi si hir Programmer kéint minimal iwwerdenken a moderniséieren. D'Programmkommissioun vun der *EDCIT* an déi vum *Lëtzebuergesch* hunn enk zesumme geschafft, fir d'Programmer openeen ofzestëmmen. Et gouf dobäi gekuckt, fir Theemen, déi net méi an der *EDCIT* behandelt ginn, an de *Lëtzebuergesch*-Programm anzebauen. Doduerch verléiert de Schüler net onbedéngt Wëssensinhalte, se si just anescht am Curriculum verdeelt. Ausserdeem gouf e Workshop ("CoLab") organiséiert, an deem och den Zentrum fir politesch Bildung (ZpB) d'Méiglechkeet genotzt huet, direkt matzewierken.

Ad 6)

Déi Ausso kann ech nach eng Kéier ënnersträichen: den ZpB huet sech zanter senger Grënnung zu engem wichtege Acteur an der *Éducation nationale* entwéckelt, deen duerch sënnavoll Initiativen, ureegend Unterrichtsmaterialien an ëmmer rëm och duerch pertinent Avisen zur Verbesserung vun der Qualitéit vun der Schoul zu Lëtzebuerg bäidréit.

Ad 7)

Jo, dat ass geschitt. D'Approche am *Lëtzebuergesch* ass, wéi uewe beschriwwen, eng interdisziplinär; Kompetenzen déi hei erschafft ginn, wäerten a villen anere Fächer och hir Friichten droen.